PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn iwwert d'COP26

Lëtzebuerg, den 09/12/2021

# Motioun

**D’Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- D’Regierung huet am Koalitiounsofkommes d’Transitioun op d’Elektromobilitéit als ee Käruleies definéiert, woubäi den Undeel un Elektroautoen op eise Stroossen an den nächste Jore klamme soll;
- Fir d'Transitioun vun enger fossiller op eng reng elektresch Mobilitéit z'erméiglechen, muss d'Unzuel u Luedeinfrastrukture massiv erhéicht ginn;
- Aktuell existéiert keng Obligatioun, déi virgesäit, dass op den Tankstellen eng Mindestunzuel un ëffentleche Luetstatiounen disponibel ass;

**Aus dëse Grënn invitéiert d’Chamber vun den Deputéierten d’Regierung:**

1. um gesamten Tankstellereseau hei am Land virzegesinn, dass eng bestëmmten Unzuel un Zapsailen op all Statioun am Land musse Schnellluetstatiounen sinn.